Sektioun

LSAP Gemeng Monnerech

Monnerech, den 20. September 2023

Un de Schäfferot vun der
Monnerecher Gemeng

**Betrëfft:** Interventioun fir de Gemengerot vum 25. September 2022

Här Buergermeeschter,
Madamm an Här Schäffen,

Am Kader vum Gemengegesetz a vum interne Reglement fir d' Organisatioun vum Gemengerot, biede mir Iech des Interventioun, op d' Dagesuerdnung vun der Gemengerotssëtzung vum 25. September 2023 ze setzen.

***Grondsteier vun Bauterraine (B6)***

*Am leschte Gemengerot hu mir eis esou wéi déi Joer virdrun bei der Besteierung vun den Terraine an eiser Gemeng enthalen. Mir hunn zënter Joeren gefrot, fir d' Besteierung vun de Bauterraine (B6 déi an eiser Gemeng brooch leien) an eng Finanzkommissioun ze ginn an op de Leescht ze huelen.*
*Besteierungsbasis fir des Terraine gi vum Steieramt an engem Gesetz vun 1941 gereegelt. Doriwwer eraus hunn Gemengen Méiglechkeet dës unzepassen also selwer festzeleeën.*
*Mir wëssen dass de Logement e grousse gesellschaftleche Problem bei eis am Land ass an dass d' Erschléisse vu Bauterraine hei e wesentleche Faktor ass.*
*Terrainen déi ënnert de B6 falen sinn Terrainen déi schonn erschloss sinn, déi brooch leien a muer kéinte bebaut ginn.*
*Doriwwer eraus si vun der Gemeng fir des Terrainen ze erschléissen oft schonn Engagementer gemaach ginn (Reklassement, PAG, PAP, Infrastrukturen, Erhalt vun den Infrastrukturen ..........)*
*Mir sinn der Meenung dass Besteierung vun dësen Terrainen soll op de Lescht geholl ginn, an well eis hei eng Rei vun Donnée feele hu mir follgend Froen.*

*Eis Froen un de Schäfferot*

- *Wéi vill Bauterrainen leien an eiser Gemeng brooch a ginn ënnert dem B6 gefouert?*
- *Wéi héich sinn Steieren vun deenen Terrainen an déi entspriechend Recette fir eis Gemeng?*
- *Kenne mir eng Tabell oder eng Statistik vun den Terrainen kréien déi ënnert de B6 falen? Zuel vun den Terrainen, Gréisst vun den Terrainen, Steieren déi dorobber bezuelt ginn.*

Mat beschte Gréiss.

Conseilleren vun der Sozialistescher Partei.

*Danielle BASTIAN ép. JUCHEM*
*Anne BECKER*
*John VAN RIJSWIJCK*